



Länner bestoen, an och d'Douaniersautoritéite solle kënnen an alle Länner d'Méiglechkeet hunn ze kucken, ob déi Kaarten echter sinn oder gefälschter.

Et sinn 18 Länner, déi bis elo ratifizéiert hunn. Och de Conseil vun der Europäescher Unioun huet de 14. Abrëll 2005 d'Memberstate vun der EU opgeruff, dës Konventioun am Kader vun der Politique commune en matière de visas ze ratifizéieren.

De Contenu sinn 18 Artikelen, dräi Annexen, wou et wierklech haaptsächlech ëm d'Fabrikatioun, d'Form, d'Ausstellen an och iwwert de Retrait vun deenen Dokumenter geet. Et gëtt och gefrot, dass all Land senge Séileit esou en Dokument soll ausstellen, an och de Leit, déi vum Statut de résident permanent benefisséieren.

Deen zweeten Deel vum Projet ass d'Convention du travail maritime. Wa si elo en vigueur ass, dann ass si de véierte Pilier vum Droit international am Secteur maritime a complétiert dräi aner Konventiounen.

Den éischten Objektiv vun dëser Konventioun ass d'Consolidatioun an engem Text vun alle Konventiounen a Recommandatiounen, déi mat dem Travail maritime ze dinn hunn an déi vun der OIT vun 1919 un erauskomm sinn.

Si sollen och bäidroen, de Secteur vum Transport maritime ze stabiliséieren - et ass e Secteur, deem enger grousser weltwäiter Konkurrenz ausgesetzt ass - an drëttens, wichteg, dem Statut vum Marin Normen ze ginn, an dat am Kontext vun der Mondialisatioun.

Et ass fënnf Joer un dëser Konventioun geschafft ginn - laang Konsultatiounen am typesche Modell vum Tripartisme vun der OIT: national Delegatiounen, Représentantë vun den Employeuren an och Représentantë vun de Syndikater. An, wéi gesot, och um europäesche Plang huet d'Kommissioun d'Länner opgeruff, hei mat op dee Wee ze goen.

Eng lescht Remarque: D'Auteure vum Projet de loi informéieren, dass am Fong déi effektiv Mise en œuvre vum Text geschitt duerch eng Reform vum drëttén Titel vum Gesetz vum 9. November 1990, dat als Objet d'Kreatioun vun engem Registre public maritime hei zu Lëtzebuerg huet. Do gëtt et och schonn e Groupe de travail am Ministère de l'Économie mam Commissariat aux affaires maritimes. D'Uni Lëtzebuerg ass och dru bedeelegt, an ech sinn iwwerzeugt, dass dann déi Reform vun deem drëttén Titel, dass mer dat Dokument och geschwënn hei an d'Haus kréien.

Zum Contenu, iwwert d'Konventioun, do hunn ech ausféierlech a mengem schrëftleche Rapport Detailer ginn. Déi, déi interesséiert sinn, kënnen dat noliessen.

Wat d'Avisen ubelaangt, esou goufen et zwee Avisen, déi offiziell hei erakomm sinn. Dat war dee vun der Chambre de Commerce an och dee vum Statsrot. Béid Institutiounen hunn eis geroden, deen Text ze stëmmen, hunn en also positiv aviséiert.

Ech ginn heimat den Accord vun der LSAP-Fraktioun an ech géif lech bieden, dat Nämlecht ze ginn, an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Rapporteur Marc Angel. Den Här Haupt huet d'Wuert gefrot.

Discussion générale

► **M. Norbert Hauptert** (CSV).- Nëmmen, fir och den Accord vun eiser Fraktioun ze ginn an, ech mengen, och eng Kéier dem Kolleeg Marc Angel wierklech...

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Mir schléissen eis un!

► **M. Norbert Hauptert** (CSV).- ...Merci ze soe fir déi vill Aarbecht, déi e fir esou...

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Très bien!

► **M. Norbert Hauptert** (CSV).- ...kleng Projeten hei an der Chamber leescht.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Dann hunn ech elo nach just als Wuertmeldung den Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Ech mengen, Här President, ech hu véier Minutten. Déi loossen ech mer net gär entgoen. Villmools Merci.

Léif Kolleegen, mir stëmmen dat hei mat a mir soen och dem Här Angel Merci fir déi Méi, déi

e sech ginn huet, fir de Rapport ze maachen. Awer: Mir soen awer och, dass dat heiten erëm e Beispill ass - an dofir wollte mer hei awer och d'Wuert huelen, fir dat ze soen - vun enger Prozedur, wéi se dacks hei gemaach gëtt, wou mer international Konventiounen ratifizéieren, ouni awer dass mer wierklech genee wëssen, als Chamber op jidde Fall, wat mer ratifizéieren.

An der Chamberskommissioun gëtt relativ kuerz iwwer en Text geschwat, deen d'Regierung da virleet. Froe ginn zwar beäntwert, mä dacks summaresch, well d'Chamber selwer net genee weess, wat lass ass. De Minister ass net komm. An et huet een einfach den Androck, dass an esou Situatiounen d'Chamber e Passage obligé ass tëscht enger ministerieller Ennerschrëft an der Entrée en vigueur vun enger Konventioun, eng lästeg Etapp, ouni awer dat ze sinn, wat se wierklech soll sinn.

Wa mir hei esou Konventiounen ëmsetzen, da géife mir gär genee wëssen, op wat mir eis aloossen, wat et eis kascht, wéi eng Gesetzer musse geholl ginn, wat muss an déi Gesetzer erakommen, notament wann et ëm Carte-d'identité geet an ëm aner Saachen, déi Personnen hir Rechter betreffen.

Mir wéissten och gär, wéi Lëtzebuerg verhandelt huet. Déi Pavillon-maritime-Saache si sensibel. Mir maachen dat säit Joren. Et wär schéi gewiescht, wann den Här Minister do gewiescht wär. Vläch kann en dat haut maachen, fir eis emol och e Bilan ze zéien iwwert dat, wat de Pavillon maritime ekonomesch ewell fir eist Land bedeit a wou mer do histerien.

Jiddefalls géife mer och gär wëssen: Hate mir Problemer mat deene Konventiounen, wou mer se verhandelt hunn? Ass Rechnung gedroe gi vu Suergen, déi mer eventuell haten, oder net?

Mir denken als ADR, wa mer Konventiounen ratifizéieren, dass mir do sinn, fir d'Regierung ze kontrolléieren. Mir hätte gär, dass dat méi seriö gemaach gëtt. Mir denken, dass d'Majoritéitspartei vill ze vill séier einfach mengen, si géifen d'Regierung verrieden, a mir erënnere se drun, dass se net d'Regierung verrieden, mä dass mir heibannen d'Vollek verrieden an dass mir do sinn, fir d'Regierung ze kontrolléieren.

Dat gesot, Här President, stëmme mer awer gärden déi Konventiounen mat a mir hoffen op Erklärung vum Här Minister Krecké.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Kartheiser. Da kritt elo den Här Wirtschaftsminister Jeannot Krecké d'Wuert.

► **M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.**- Also, ech muss emol éischters soen, wann Der mech elo onbedéngt gären an d'Kommissioun gehat hätt, dann hätt Der et solle soen, Här Kartheiser.

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Très bien!

► **M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.**- Mä ech hunn awer gemengt, déi ausgiebig Dokumentatioun, déi Der krut hat, déi hätt Der selbstverständlech och gelies. Ech ginn awer dovun aus, dass Der dat net gemaach hutt, soss hätt Der elo net déi Froe gestallt, déi Der gestallt hutt.

► **Plusieurs voix.**- Ooohhh!

► **M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.**- Duerfir ginn ech dovun aus,...

(Interruption)

...dass dat e fromme Wonsch ass, dee sech och un lech riicht, fir an Zukunft dann esou Dokumenter...

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- En huet se besser gelies wéi Dir!

► **M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.**- Jo, jo. Mä ech mengen, Dir sollt dat Dokument wierklech kucken, da gesitt Der nämlech, esou wéi all déi aner Deputéiert dat gemaach hunn, dass dat am Detail seet, wat doraus geschitt.

Wat ass den Haaptobjekt? Den Haaptobjekt ass, fir dass déi Leit, déi op deene Schëffer schaffen - an dat ass weltwäit de Fall -, dass mer kucken, dass déi e bessere Schutz kréien. Et ass och gemaach ginn, fir dass och ënnerenaner endlech déi Kompetitioun ophéiert, wou ee probéiert, méi Dumping ze maache wéi deen aneren.

Dat gëtt beim BIT déposiert. Dee waart drop, dass mir dat do ratifizéieren. Duerfir hunn ech mech nach getommelt, fir et nach an dëser Woch kënnen ze maachen. Dat ass de Grond, well et ass nämlech am Moment, wou déi Sitzungen zu Genf stattfannen, an ech hat u sech versprach, dass dat virun de Sitzungen nach de Fall wier, dass mer dat kéinte virweisen.

Mir wollten och exemplaresch virgoen. Dat hu mer der Secrétaire générale, wéi se hei war, erkläert, an dunn hu mer hir gesot, mir maachen dat do nämlech mat der Uni a mer géifen

hinnen dat zur Verfügung stellen, wat mir do géifen entwéckelen. Déi Aarbecht ass amgaangen; et ass och vum Rapporteur gesot ginn.

Mir probéieren also, hei e bësse Pionéieraarbecht ze maache fir anerer an hu wëlles, dat Dokument dann och dem BIT zur Verfügung ze stellen. Domat probéiere mer, e bësse eis ze erkrabbelen an deem, dass mer virun e puer Joer ee Moment e Problem haten, dass mer net Rapporte genuch erageschéckt hunn, déi vun eis gefrot gi sinn. Mat dësem Geste weise mir, dass mer dat seriö huelen. An de BIT weess dat och esou ze schätzen. Do kënt Der nofroen. Dat ass esou.

An dat Wichtegst heimadder ass, dass mer de Leit hëllefen, déi op deene Schëffer schaffen, dass mer deenen eng besser Ofsécherung ginn. Déi Aarbechte laafen, wéi gesot, am Moment mat der Uni weider.

Dat gesot, Här President, sinn ech frou fir déi Viraarbecht, déi vum Marc Angel an der Kommissioun geleescht ginn ass.

► **M. le Président.**- Den Här Kartheiser freet nach eng Kéier d'Wuert.

(Interruption)

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Jo, Här President, villmools Merci. Ech sinn och frou, dass den Här Minister Krecké eis erkläert huet, firwat mer eis hei mussen esou tommelen, fir e Gesetz duerchzepséichen, mä ech hätt awer nach gär eng Fro gestallt.

Den Här Angel schreift a sengem Rapport: «En adoptant la Convention, le Luxembourg se conforme aux volontés de la Commission européenne.» Do wollt ech den Här Minister awer froen, wat dann d'Commission européenne vun eis exigéiert, dass mer eis elo mussen esou tommelen, fir esou e Gesetz unzehuelen.

(Interruption)

► **M. le Président.**- Jo, Här Kartheiser, ech mengen, esou kënne mer nu wierklech awer net fueren. Mir hunn eng...

(Interruption)

Neen, Här Kartheiser. Mir hunn eng Kommissioun, déi en détail déi Projeten do duerchhëlt. Do kënt Der allegueren Är Froe stellen...

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- ...an Dir kritt se alleguerte beäntwert. Et kann awer net sinn, dass Der duerno dann hei an der Séance plénière ufänkt, Froen ze stellen. Ech géif proposéieren...

► **M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.**- Här President, ech kann an engem Saz äntwerten. Et ass esou, dass 2007 d'Europäesch Unioun gefrot huet, no Analys vun den Texter, dass déi Länner aus der Europäescher Unioun sollen dat do ratifizéieren. Dat ass de Wonsch gewiescht vun der Europäescher Unioun iwwert d'Kommissioun. Méi ass net dozou ze soen.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Wirtschaftsminister. An elo komme mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6258 ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Nancy Arendt), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessa Scholtes, MM. Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Félix Eischen), Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par Mme Claudia Dall'Agnol);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helmingier (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Félix Braz);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer elo zum Projet de loi 6257, en Ofkommes iwwert d'Duebelbesteuerung mat Japan, Portugal, Hongkong, Schweden, San Marino, Barbados a Panama. D'Riedezäit ass hei nom Basismodell festgeluecht, an et huet bis elo nach kee Riedner sech ageschriwwen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Lucien Thiel. Här Thiel, Dir hutt d'Wuert.

8. 6257 - Projet de loi portant

1. approbation du Protocole et de l'échange de lettres y relatif, signés à Luxembourg, le 25 janvier 2010, modifiant la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et le Japon tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir l'évasion fiscale en matière d'impôts sur le revenu et/ou d'un certain autre impôt, signée à Luxembourg le 5 mars 1992;

2. approbation de l'Avenant et du Protocole additionnel, signés à Lisbonne, le 7 septembre 2010, en vue de modifier la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République Portugaise tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir l'évasion fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et le Protocole y relatif, signés à Bruxelles le 25 mai 1999;

3. approbation de l'Avenant et de l'échange de lettres y relatif, signés à Hong Kong, le 11 novembre 2010, en vue de modifier la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la Région administrative spéciale de Hong Kong de la République Populaire de Chine tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, signée à Hong Kong le 2 novembre 2007;

4. approbation du Protocole et de l'échange de lettres y relatif, signés à Bruxelles, le 7 septembre 2010, modifiant la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et le Royaume de Suède tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, signée à Stockholm le 14 octobre 1996;

5. approbation du Protocole et de l'échange de lettres y relatif, signés à Rome, le 18 septembre 2009, modifiant la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République de Saint-Marin tendant à éviter les doubles impositions en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et le Protocole y relatif, signés à Luxembourg le 27 mars 2006;

6. approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la Barbade tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et la fortune, ainsi que l'échange de lettres y relatif, signés à Londres le 1^{er} décembre 2009;

7. approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République de Panama tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et du Protocole y relatif, signés à Luxembourg le 7 octobre 2010;

et prévoyant la procédure y applicable en matière d'échange de renseignements sur demande

Rapport de la Commission des Finances et du Budget



► **M. Lucien Thiel** (CSV), *rapporteur*.- Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, dee Projet mat deem ellelaangen Titel, dee mir haut stëmme sollen, ass eigentlech soss näischt wéi d'Fortsetzung vun engem aneren Text, dee mir viru bal genee 14 Méint hei ofgeseent hunn, just datt deemools den Intitulé nach duebel esou laang war an datt deemools d'Ausland e groussen Interessi un deem Projet a senger Ëmsetzung zu Lëtzebuerg gewisen hat.

Deemools, de 17. März 2010, goug et drëm, esou séier wéi méiglech vun där berüchtgter „groer Lëscht“ vun de Steierparadäiser ze kommen, déi iwwer Nuecht vun der OCDE gebastelt gi war, well deen een oder aneren - eigentlech nëmmen ee vun de Participantë zum G20-Sommet zu London - mordicus op esou eng Lëscht bestanen hat.

Fir vun där Lëscht erofzekommen, huet ee misen op d'mannst mat enger Dose Länner e Steieraccord ofgeschloss hunn, an deem sech ausdrécklech op den Artikel 26 Absatz 5 vun deem OCDE-Vertragsmodell beruff gëtt, eben deen Absatz, deen den Informatiouns Austausch a Steiersaache virgesäit. Wuel gemierkt, net den automateschen Informatiouns Austausch, mä nëmmen een op ausdrécklech Demande vun deem jeeweilege Land!

Deemools hate mir zolidd dragefacht an direkt 20 där Steieraccorden an een an datselwecht Gesetz gepaakt, fir all deene Meckerklosen dobasssen ënnert d'Nues ze reiwen, datt mir alles aneschtters wéi e Steierparadäis wieren.

Haut solle mir da siwe weider Accorden noschéissen, déi an der Tëschenzäit ofgeschloss goufen, sief et a Form vun Avenantë respektiv Protokollen zu schonns existéierenden Ofkommessen, oder sief et als nei Konventiounen.

Mat Portugal a mat Hongkong, dat trotz senger Integratioun an d'chinesesch Volleksrepublik nach ëmmer als separat administrativ Regioun gefouert gëtt an och behandelt gëtt, sinn einfach Zousätz zu de bestehende Verträge ausgehandelt ginn, déi den Informatiounséchange nom OCDE-Modell virgesinn.

Mat Japan, Schweden an der Mini-Republik San Marino, déi - deen een oder deen aneren huet se vläicht schonns besicht - op enger Kopp net wäit ewech vu Rimini läit, goufe Protokollen ënnerzechent, déi preziséieren, datt sech déi fréier ofgeschlossen Traitéeen och op den Austausch vun Informatiounen a Steiersaache bezéien.

A schliesslech mat der Karibikinsel Barbados an dem mëttelamerikanesche Panama goufen nei Accorden ënnerzechent, déi notament och den OCDE-Artikel 26 beinhalten.

Dat Ganzt kënnt een entre-temps als Business as usual, fir net ze soe kale Kaffi ofdinn, well et de Reiz vum Neien net méi huet. Dofir dierft et zum Beispill och weider net verwonneren, datt de Statsrot hei keng nei Hoer an der Zopp fonnt huet, ausser wat déi zwee méi exotesch Kontraktpartner ubelaangt, déi där héijer Kierperschaft hire Virwëtz gestéppelt hunn. Wéi sou, freet sech de Statsrot, maache mir Steieroffkommesse mat Länner, mat deene mir souzoe keng Handelsbeziungen hunn?

Hien huet sech awer och gläich selwer d'Äntwert ginn: Déi zwee Länner - esou huet hien erausfonnt - si beméit, sech an der internationalen Finanzwelt breet ze maachen, ouni awer an de Verruff vu Steierparadäiser ze geroden. Dofir schléisse se dann Accorden of mat der OCDE-Informatiounsklausel dran, woubäi et hinnen awer virun allem drop ukënn méiglechst gönschteg Duebelbesteuerungskonditiounen mat hire Partner auszehandelen.

Wann zum Beispill eng Sociéitéit, déi op d'mannst eng 10-prozenteg Bedeelegung un enger Lëtzebuerg Kapitalgesellschaft hält, op Barbados doheem ass, ginn hir Dividenden iwwerhaupt net bei eis besteiert - keng Quellesteier. An handelt et sech ëm e panameeschen Aktionär, da sinn nëmme 5% Quellesteier amplaz normalerweis, wéi Der vläicht wësst, 15% bei eis fälleg. Do versteet een dann och besser, firwat den traditionellen Ëmwee, zum Beispill iwwer panameesesch Gesellschaften, bei de Finanzspezialisten hei am Land esou beléift ass.

Do kann een dem Statsrot näischt verdenken, wann hie mam Fanger drop weist, datt Länner ouni besonnesch Handelsbeziunge mat Lëtzebuerg e steierlechen Traitement de faveur genéissen, am Contraire zu Duechtergesellschaften bei eis, wa si hire Mammen an Europa oder soss an der OCDE Dividenden ausschëdden.

De Statsrot freet sech och, ob dat ubruecht ass, datt Investisiuren, wéi zum Beispill Pensionsfongen - där hu mer vill décker als Client - aus deeneselwechte Länner enger voller Retenue hei zu Lëtzebuerg ënnerworf sinn, mä mat 5% oder souguer mat 0% Besteuerung lass sinn, wa si den Détour iwwert d'Karibik maachen. De Statsrot mengt, hei wier et vläicht ubruecht, wa

mer fir e bëssche méi Kohärenz an eiser Steierpolitik suerge géifen.

Eng zweet Remarque vum Statsrot bezitt sech op d'Prozedur, déi beim Austausch vun den Informatiounen am Kader vum OCDE-Modell applizéiert gëtt an déi jee no Accord net ëmmer déiselwecht ass. Hien hätt gären e gewëssene Streamlining hei an huet dofir proposéiert, all déi Detailer iwwert d'Prozedur aus dem Text ze sträichen an duerch e ganz einfache Renvoi op d'Gesetz vum März 2010 - also dat anert Gesetz - ze ersetzen. Dat ass dann och eng Recommandatioun, där sech d'Kommissioun net verschléisse konnt an déi dann och ouni Weideres iwwerholl ginn ass.

Ähnlech Bedenken hat och d'Chambre de Commerce, déi souguer d'Gesetz splécke wollt, fir d'Prozedur separat ze behandelen, ënner anerem, well si sech un Eenzelheeten, notament am Zesummenhang mat dem Droit de la défense, gestéiert huet. Deem huet d'Kommissioun awer keng Rechnung gedroen.

Weider keng Problemer hate par contre déi zwou aner Berufskummeren, déi sech och zu Wuert gemellt haten. D'Chambre des Salariés huet just gemengt, iergendwa misste mir dach där Souveränitéitsnisch, genannt Bankgeheimnis, Äddi soen. Si hält d'Protektioun vun der Privatsphäre - wéinst där jo de Secret bancaire erfionnt gouf - net méi fir esou wichteg a fënn, datt mir dobasssen nëmme Misär domadder hätten an dofir dorobber verzichte sollten.

D'Chambre vun der Fonction publique hirersäits huet net esou wäit ausgeholl. Fir si ass dese Projet an der Rei, an dat aus deem einfache Grond, well hien am Intérêt vun eiser Nationaleconomie ass an derzou bäidréit, d'Reputatioun vun eiser Finanzplaz ze verbesseren.

Ech mengen, Här President, deem kann ee sech wuel nëmmen uschléissen an dofir dësem Gesetz seng Zoustëmmung ginn. Ech bréngen déi op alle Fall vun der CSV-Fraktioun hei an.

Merci.

► **M. le Président**.- Merci dem Rapporteur, dee wéi ëmmer kloer an détailléiert war. Et ass weider keng aner Wuertmeldung. Ech ginn och dovun aus, datt de Minister näischt méi dozou wëllt soen, esou datt mer direkt zur Ofstëmmung kommen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6257 ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen, bei 1 Enthaltung.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupt, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Nancy Arendt), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Félix Eischen), Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Carlo Wagner), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Claude Adam);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

S'est abstenu: M. André Hoffmann.

Wëllt ee seng Abstentioun begrënnen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Fir haut de Mëtteg huet d'Fraktioun vun deene Gréngen eng Aktualitéitsstonn iwwert d'Gestioun vun der Europäescher Unioun vun der öfentlecher Scholdekrise an Europa ugefrot. D'Riedezäit ass hei nom Artikel 84, zweeten Alinea vum Chambersreglement festgehalen a gesäit Folgendes vir: Där Fraktioun, déi d'Aktualitéitsstonn ugefrot huet, stinn zéng Minutten zou, deenen anere Fraktiounen jeeweils fënnef, de Sensibilités politiques zwou Minutten an der Regierung eng Véirelstonn.

Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Hären Thiel, Meisch, Bodry, Kartheiser an Hoffmann. D'Wuert huet elo den honorablen Här François Bausch als Verrieder vun der Fraktioun vun deene Gréngen. Här Bausch, Dir hutt d'Wuert.

9. Heure d'actualité du groupe déi gréng sur la gestion par les pays de l'Union européenne de la crise de la dette publique en Europe

Exposé

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Merci, Här President, fir d'Wuert. Dir Dammen an Dir Hären, déi Verschëldungskris, déi Enn 2009 agesat huet a wou a verschiddenen oder a villen europäesche Länner gemengt ginn ass, dat wier am Ufank eigentlech eng Kris, eng Verschëldungskris, wou jiddwer eenzelt Land misst kucken, mat senger eenzelner Verschëldung eens ze ginn, dat huet sech als en enorme falschen, als en Trugschluss erausgestallt.

Et ass eigentlech och keng Iwwerraschung, datt dat en Trugschluss war, well et war falsch an och contraire souwisou éischens emol zum europäesche Solidaritéitsgedanken, mä virun allem: Mat där Iwwerleung a mat deenen Iwwerleungen ass eigentlech de Risiko ënnerschat gi vun enger Explosioun vun der Eurozon, a virun allem och de Risiko domadder vun der Afrostellung vun engem gewichtge Bestandteil vun der europäescher Konstruktioun.

Wann een elo déi Länner kuckt, iwwert déi am Moment diskutéiert gëtt - Irland, Portugal a Griichenland - da muss een emol kucken, datt déi Verschëldungssituatioun vun deenen dräi Länner do ganz ënnerschiddlech ass. Et gëtt e groussen Ënnerscheed, wéi d'Schold entstane ass a Griichenland a wéi se zum Beispill entstanen ass an Irland.

Wann ech d'Beispill huele vun Irland, da muss ech feststellen, datt an Irland eigentlech déi öfentlech Schold quasi ausschliesslech entstanen ass duerch de Fait, datt den irällesche Stat Privatscholden einfach - oder loosse mer soen, schlecht Pabeiere vu Banken - iwwerholl huet an deementspriedend Privatscholden eigentlech iwwerholl huet, dat heescht, am Fong e Sënneregëster vum Privatsektor iwwerholl huet an dee Moment doduerjer an déi Situatioun komm ass.

Bei Griichenland ass et natierlech e bësselche méi komplizéiert an e bësselchen aneschtters. Griichenland huet och sécher där Elementer dran, mä Griichenland huet virun allem awer e ganze Koup hausgemaachen Ursachen, déi zu där Verschëldung gefouert hunn: e Stat, deen iwwer seng Verhältnisser gelieft huet, eng schlecht Steiermoral vun de Biergerinnen a Bierger a Griichenland, eng katastrophal Gouvernance vun griichesche Stat, vun de griicheschen Institutiounen. Dat heescht also ganz kloer: vill méi eendeiteg hausgemaachen Ursachen.

An dach muss een awer vläicht och drun erënnere, datt och a Griichenland déi Situatioun do nëmme konnt entsto, déi extrem Verschëldung nëmme konnt kommen, well Griichenland och iwwer zéng Joer massiv Sue vu private Kreditinstituter geléint kritt huet.

Et heescht also am Kloertext: Griichenland war och e bëssen d'Resultat vun dem Zesummebrieche vun dem Finanzsystem insgesamt, deen opgebaut huet déi lescht zwanzeg Joer op eng zimlech total dereguléiert Situatioun, wou d'Kontrollmechanismen entweder net méi existéiert hunn oder guer net fonctionnéiert hunn. Well, wéi soss war et ze erklären, datt e Land wéi Griichenland, e Stat wéi Griichenland während zéng Joer zum nämlechten Taux Sue geléint kritt huet wéi Däitschland, wat da vun de Ratingagenturen als e sougenanntent „Triple-A-Land“ ageschat gëtt?

Dat heescht, elo kann een nach dovun ausgehen, datt den Normalbierger net ka gesinn, wat sech hannert dem griichesche Stat verstoppt huet, datt de griichesche Stat eigentlech souguer op Basis vu gefälschtem Zuelematerial deementspriedend sech seng Kreditter erbäbruecht huet. Mä eigentlech misst een awer kënnen verlaangen, datt d'Banken rasonabel Kreditter verginn an datt déi och misste gesinn, wa se Kreditter verginn, u wie se se ginn an zu wat fir enge Konditiounen se se verginn, a se hätte misse op alle Fall scho vill méi fréi, wéi dat geschitt ass, eng Rei Noutbremsen zéien.

Deementspriedend muss een och soen, datt et eng gewësse Responsabilitéit gëtt vum private Sektour, vum Bankesektour bei där Verschëldungskris och vu Griichenland.

Ëmmerhi muss een och soen, datt e ganze Koup Banke während zéng Joer, oder wahrscheinlech souguer nach méi, net weéng a gutt Sue verdéngt hu mat där Situatioun a Griichenland, an donc kann een net maachen

haut, wéi wann een elo misst Griichenland als Land, d'Bevölkerung selwer gewäerde loosse, bezuele loosse fir dat, wat do geschitt.

Mir sinn och duerfir der Iwwerzeegung, datt déi Situatioun do mat ausschliesslech ëmmer erëm Neiverhandlungen, déi ëmmer nëmme just derzou féieren, datt déi Scholden awer mussen ofbezuel't ginn, zu näischt féiert. Mir sinn der Meinung, datt de Privatsektor och misst erugezu gi bei dem Ofbau vun där Schold. A mir sinn och där Iwwerzeegung, datt mer net wäerte laanscht eng Restrukturatioun vun deene Scholden do kommen.

Bei där Restrukturatioun muss och iwwert d'Sträichung vun engem Deel vun de Scholden diskutéiert ginn, well nëmmen esou brénge mer et fäerdeg, fir datt dat Land iwwerhaupt emol iergendeng minimal Chance huet, fir erëm op d'Been ze kommen, ouni datt mer et, wéi et de Moment riskéiert de Fall ze sinn, wierklech erwiergen an erstécken.

Iwwregens ass och an deem neie Mécanisme européen de stabilité, deen zwar érischt 2013 soll a Kraaft trieden, virgesinn, datt d'Créancierë kënnen erugezu ginn an esou enger Situatioun wéi där heiten. A wann dat do virgesinn ass, ass dat net vun ongeféier esou virgesi ginn, mä mat Sécherheet och, well een dovun ausgeet, datt esou Situatiounen kënnen antrieden.

Iwwregens ass dat och eigentlech net méi wéi eng normal Responsabiliséierung och vu Kreditinstituter, déi während zéng Joer widder bessert Wëssen mat Sécherheet einfach weidergemaach hunn, wéi wann näischt wär, an deementspriedend dann och mat erugezu ginn, wann et drëms geet, déi Schold, déi sech do opgetiermt huet, erëm ofzebauen.

Elo ass et natierlech esou, datt esou e Wee jo och europawäit, weltwäit diskutéiert, kontrovers diskutéiert gëtt. Et gëtt der, déi sinn der Meinung, datt een net méi laanscht esou e Wee kënnt. Et gëtt der, déi si komplett dergéint. Et gëtt der och, déi sichen och de Mëttelwee.

Mä sécher ass eiser Meinung no op alle Fall, datt, wa mer esou weiderfuere wéi elo, datt vill méi e grouse Risiko bedeit, well déi aktuell Situatioun eng permanent Konfusioun duerstellt, donc och e permanent héije Risiko vu Spekulation, an datt dee Schnëiballeffekt, dee bei Griichenland fonctionnéiert, riskéiert, herno och géint aner Länner ugewannt ze ginn, och souguer dann, wann et net ubruecht ass.

Eigentlech ass et méi riskant, dat weiderzeféieren, wéi eng wierklech seriö sougenanntent „mise à plat“ ze maachen, wierklech ze soen, mir müssen einfach déi gesamt griichesche Schold aus engem anere Bléckwénkel kucken an einfach och dovun ausgoen, datt mer wierklech déi Situatioun berengegen, andeem mer en Deel vun der Schold sträichen an deementspriedend dem Land och emol eng seriö Perspektiv dann och ginn, fir sech erëm kënnen weider an erëm nei ze entwéckelen.

Esou wéi et de Moment ass, huet dat Land keng Chance, fir sech ze entwéckelen, au contraire, deen ausschliesslechen extremen Austéritéitspak - een no deem aneren -, deen décidéiert gëtt, dee féiert derzou, datt déi schwächste Schichte vun deem Land komplett ausgeblutt ginn, datt wierklech all Vertraue verluer geet an d'Politik, datt de Risiko vun extreemste Populismen ëmmer méi kloer zum Vischäi kënnt. A mat Sécherheet dréit dat och net derzou bäi, scho guer net, datt d'Politik - déi a Griichenland - erëm besser dosteet. Mä och déi europäesch, insgesamt d'Politik riskéiert doduerjer, en immense Schued ze erliden.

Et muss een och, wann een d'Situatioun de Moment kuckt vun deenen dräi Länner, dat e bësse realistesch gesinn. De Kontext vun deenen dräi Länner ass, wann een d'Zuelen emol kuckt, datt bei der Dette publique brute an Europa Portugal 1,8% ausmécht, Griichenland 4,2% an Irland 2%.

Dat heescht, et handelt sech - am Moment, muss een natierlech soen - Gott sei Dank ëm nach en iwwerschaubaren, ëmmerhi limitéierte Problem fir Europa. A wann een donc iwwer Scholdesträichung géif diskutéieren, da wär dat mat Sécherheet och duerchwegs verkraaftbar fir gréisser Finanzinstituter.

Fir déi griichesche Banken ass et sécherlech eng aner Situatioun, mä och do muss ee soen, déi griichesche Banke fonctionnéieren eben an deem System, wou mer sinn, a si hätte vläicht och misse wëssen zéng Joer virdrun, wat se gemaach hunn. Op alle Fall ass de Problem, wéi gesot, iwwerschaubar.

Selbstverständlech huet et eng Rei Risiken. Et huet d'Risiken, datt heimadder dann e bëssen